PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 SEP. 2019
1195

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Wéi d'Website heise.de rezent beriicht huet, gouf eng nei Bedruchssoftware entdeckt, déi et an Däitschland op ëffentlech Administratiounen ofgesinn huet. Den Trojaner mam Numm "Emotet" huet bei enger Stad no vun Hannover déi ganz Administratioun attackéiert an ausser Service gesat.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Weess den Digitalisatiounsminister, ob dës Bedruchssoftware schonn zu Lëtzebuerg opgetaucht ass?
2. Wéi ass déi staatlech IT géint ee méiglechen Ugréff vun dësem Trojaner virbereet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 SEP. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 27 septembre 2019

Concerne : Question parlementaire n° 1195 du 11 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen – Cheval de troie « Emotet »

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n°1195 du 11 septembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Pour le Ministre délégué à la Digitalisation

Gaston SCHMIT
Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Marc HANSEN, Delegéierte Minister fir Digitaliséierung, op déi parlamentaresch Ufro Nr. 1195 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN.

Et ass net bekannt wéi oft déi Bedruchssoftware schonn zu Lëtzebuerg opgetaucht ass. Laut GOVCERT gouf dës Betruchssoftware an 5 Fäll beim Staat detectéiert. Duerch d'Schutz-Moossnamen vum CTIE ass awer keen Impakt entstanen.

De CTIE huet eng ganz Rei Schutzmoossnamen implementéiert déi d'IT Systemer vum Staat géint Bedruchssoftware schützen. Zu dëse Moossnamen gehéieren ënnert anerem Firewalls, Virescanner, Web Content Filter an IPS. Fir d'Gestioun vun IT-Tëschefäll gräift de CTIE op d'Ënnerstëtzung vum GOVCERT zréck. Fir d'Gestioun vun Cyber-Krisen huet d'Regierung säit 2014 e Plan d'intervention d'urgence definéiert.